ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
31 OCT. 2019
1418

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Polizei-Minister, un d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

Vill Leit beschwéieren sech iwwer d'Zoustänn op verschiddene Plazen am Land op deene sech d'Kriminalitéit besonnesch staark entwéckelt huet. Dozou gehéieren z.B. de Quartier vun der Gare an der Stad an Deeler vun Esch/Uelzecht. Besonnesch, mä net nëmmen, am Beräich vun der Drogekriminalitéit an deenen Delikter, déi domat zesummenhänken, schéngen déi aktuell Entwécklungen de Leit ganz vill Suergen ze maachen.

An dem Zesummenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Drogekriminalitéit am Land an deene leschten zéng Joer entwéckelt? Op wéi enge Plazen ass den Handel mat Droge besonnesch staark?
2. Wéi ass den Täterprofil vun den Dealer a vun deenen Organisatiounen, déi eventuell hannert hinne stinn? Gëtt et mafiös Strukturen an dem Beräich, z.B. a leschter Zäit, wéi dacks gesot gëtt, besonnesch aus Nigeria?
3. Wéi e legale Statut hunn déi auslännesch Dealer? Ass et richteg, datt bei hinne Leit ouni Pabeiere sinn, respektiv mat italieneschen oder spuenesche Pabeieren? Sinn ënnert den Dealer Leit, déi als „demandeur de protection internationale" (DPI) an d'Europäesch Unioun koumen? Sinn ënnert hinne Leit, déi an engem EU-Staat, inklusiv Lëtzebuerg, de Statutt als „bénéficiaire de protection internationale" (BPI) kritt hunn?
4. Wat ënnerhëlt d'Regierung an engem Fall, wou en auslänneschen Dealer festgeholl gëtt, deen als DPI, als BPI oder an engem Duldungsstatut an der EU ass? Gëtt dat Land informéiert, datt där betreffender Persoun dee Statut ginn huet? Wat geschitt, wann déi betreffend Persoun esou e Statutt zu Lëtzebuerg kritt huet?
5. Ass et richteg, datt och am *Centre de rétention* Problemer mat Droge bestinn? Ginn Drogekontrolle bei deene Leit gemaach, déi an de *Centre de rétention* agewise ginn, respektiv och beim Personal a bei anere Leit, déi do era ginn?

6. Wéivill Leit sinn an deene leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg wéinst Drogendelikter festgeholl ginn? Wéivill vun deene Persoune kruten e Prozess gemaach? Wéivill vun deenen, déi e Prozess gemaach kruten, goufen och veruerteelt? Wéi héich waren d'Strofen? Wéivill vun deene Leit sinn haut nach am Prisong? Wéivill Leit, déi zu Lëtzebuerg schonn eemol als Drogendealer interpelléiert oder veruerteelt goufen, sinn duerno nees an Dealeraktivitéiten opfälleg ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 DEC. 2019

Luxembourg, le 3 décembre 2019

**Objet : Question parlementaire n° 1418 du 31 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse conjointe à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 DEC. 2019

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 3 décembre 2019

**Objet : Question parlementaire n° 1418 du 31 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse conjointe à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu


**Gemeinsam Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir bannenzeg Sécherheet, vun der Madamm Sam TANSON, Justizminister a vum Här Jean ASSELBORN, Minister fir Immigratioun an Asyl op déi parlamentaresch Fro n°1418 vum 31. Oktober 2019 vum honorablen Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Fro 1**

De folgenden Tableau sëtzt sech zesummen aus Faiten am Kontext mat der Drogekriminalitéit, opgedeelt an dräi Kategorien: Besëtz, Handel a Konsum.

Dobäi muss een awer beuechten, dass déi Zuelen ganz staark ofhängeg sinn vun der Envergure vun den eenzele Policeaktiounen am Kader vun der Bekämpfung vun der Drogekriminalitéit.

Dësweideren gëllt fir dësen Tableau, wéi och fir deen aneren Tableau hei drënner, dass déi Zuelen net onbedéngt déi reell Drogeproblematik an hirer ganzer Komplexitéit reflektéieren.




Vir op d'Fro ze äntwerten op wéi enge Plazen den Handel mat Droge besonnesch staark ass, huet d'Police aus hire jäerleche Statistiken all Kéiers déi 3 Gemengen ervirgehuewen, déi an deenen 3 Kategorien Besëtz, Handel an Konsum am Kontext vun der Drogekriminalitéit ervirstiechen.

| Commune | 2009 | Commune | 2010 | Commune | 2011 | Commune | 2012 | Commune | 2013 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Luxembourg | 1165 | Luxembourg | 1267 | Luxembourg | 1386 | Luxembourg | 1154 | Luxembourg | 1526 |
| Esch/Alzette | 176 | Esch/Alzette | 195 | Esch/Alzette | 179 | Esch/Alzette | 210 | Esch/Alzette | 218 |
| Dudelange | 62 | Diekirch | 109 | Ettelbrück | 141 | Ettelbrück | 156 | Pétange | 166 |
| Echternach | 62 | | | | | | | | |
| Ettelbrück | 62 | | | | | | | | |

| Commune | 2014 | Commune | 2015 | Commune | 2016 | Commune | 2017 | Commune | 2018 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Luxembourg | 2325 | Luxembourg | 2867 | Luxembourg | 1914 | Luxembourg | 1046 | Luxembourg | 1192 |
| Esch/Alzette | 196 | Esch/Alzette | 332 | Esch/Alzette | 405 | Esch/Alzette | 317 | Esch/Alzette | 302 |
| Pétange | 165 | Dudelange | 190 | Ettelbrück | 153 | Ettelbrück | 177 | Ettelbrück | 242 |

**Fro 2**

Et handelt sech der Police no gréisstendeels ëm jonk Männer, originaire aus Nord-an Westafrika, déi virun allem mat Kokain handelen a kee feste Wunnsëtz zu Lëtzebuerg kënne virweisen.

Opgrond vun objektiven Indikatiounen, déi der Police och vun eisen Nopeschlänner confirméiert goufen, kann een bei der Drogekriminalitéit zu Lëtzebuerg net pauschal behaapten, dass si op mafiéise Strukturen opgebaut wier, och wann et sech heibäi meeschtens ëm organiséiert Kriminalitéit handelt déi hier Muecht Strukturen am Ausland etabléiert huet.

**Fro 3**

Aktuell stellt d'Police fest, dass e groussen Deel vun den Drogendealer, déi zu Lëtzebuerg op frëscher Dot verhaft ginn, entweder "demandeurs d'asile" a Frankräich sinn, oder awer iwwert eng Openthaltsgeneemegung, ausgestallt zum Deel vun den spueneschen wéi och vun den italieneschen Autoritéiten, verfügen. Dëst erlaabt hinnen dann, sech fräi an der Europäescher Unioun ze beweegen am Cader vun Regelen vum Schengen-Code, dat heescht während 3 Méint an och ënnert der Bedingung dass se genuch legal finanziell Mëttele opweise kennen.

Falls d'Police eng Persoun verhaft, déi a Frankräich eng "demande d'asile" gestallt huet, mellt sie dat systematesch de franséischen Autoritéiten. Dës Persounen haten bis elo net den Statut als "BPI", mee haten awer heiansdo sou eng Demande gestallt. Bis elo ass der Police nach kee Fall bekannt, wou sou eng Persoun an enger Asileprozedur zu Lëtzebuerg war.

**Fro 4**

Wéi an der Äntwert ob d'Fro 3 schonns ugedeit, informéiert d'Police déi franséisch Autoritéiten, wann si eng Persoun verhaft, déi a Frankräich als "Demandeur d'asile" enregistréiert ass. Am Fall wou eng Persoun een gültegt Obenthaltsdokument aus engem aneren EU-Land virweisen kann oder internationalen Schutz an engem aneren EU-Land huet, mee awer d'Konditiounen vum Schengen-Code net erfëllt, dann gëtt d'Persoun aus dem Land verwisen an d'lëtzebuerger Autoritéiten froen bei deem EU-Land d'Réadmission u fir dat déi Persoun zréck an dat Land bruecht kann ginn. Zousätzlech kann eng Areesspär fir Lëtzebuerg verhaangen ginn.

**Fro 5**

De Centre de rétention ass wéi all aner geschlossen Anstalt mat der Drogeproblematik confrontéiert, dëst ëmsou méi d'Zuel vun den Drogenofhängegen an der rétention zouhëlt.
Fir deem entgéint ze wierke gëtt de Prinzip vun der Tolérance zéro mat der gréisster Rigueur applizéiert, souwuel wat d'Consommatioun wéi och den Apport vu substances illicites betrëfft. An deem Sënn si verschidde Mesuren en place, wéi eng Fouille approfondie vun all Retenu bei senger Arrivée, ee systematesche Contrôle d'accès fir all Visiteur, ee Contrôle vun de Päck, déi deposéiert ginn, regelméisseg Kontrolle vun de Kummere vun de Retenuë a vun de Gemeinschaftsraim an och concertéiert punktuell Aktiounen, a Kooperatioun mat der Police an/oder der Douane, bei deenen all Retenu, Visiteur an autre occupant des lieux enger Kontroll ënnerzu gëtt. Souwuel d'Bewunner vum Centre de rétention wéi och d'Personal kënnen am Zweifelsfall engem Drogentest ënnerzu ginn. Ausserdeem gesäit d'Gesetz vum Centre de rétention och verschidde Sanktioune fir, souwuel fir Visiteure wéi och fir d'Bewunner vum Centre am Fall vu Verstéiss géint d'Reegeln.

**Fro 6**

D'Zuel vun de Leit déi an deene leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg wéinst Drogendelikter festgeholl goufen, si folgend:

2014: 188 Festnahmen
2015: 217 Festnahmen
2016: 234 Festnahmen
2017: 183 Festnahmen
2018: 237 Festnahmen

D'Zuel vun de Condamnéierten si folgend:

2014: 408 Condamnéierter
2015: 391 Condamnéierter
2016: 428 Condamnéierter
2017: 329 Condamnéierter
2018: 261 Condamnéierter

D'Strofen (souwuel Prisong wéi och Geldstrofen) sinn folgendermoossen ausgefall:

| | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 |
|---|---|---|---|---|---|
| **SURSIS TOTAL** | **63** | **48** | **38** | **41** | **57** |
| moins de 1 an | 20 | 9 | 16 | 12 | 15 |
| 1 à moins de 3 ans | 41 | 36 | 21 | 29 | 37 |
| 3 à moins de 5 ans | 1 | 3 | 1 | 0 | 5 |
| 5 à moins de 10 ans | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| **SURSIS PARTIEL** | **88** | **101** | **111** | **110** | **96** |
| moins de 1 an | 6 | 4 | 1 | 5 | 7 |
| 1 à moins de 3 ans | 62 | 88 | 90 | 81 | 56 |
| 3 à moins de 5 ans | 16 | 9 | 14 | 20 | 27 |
| 5 à moins de 10 ans | 4 | 0 | 6 | 4 | 6 |
| **SANS SURSIS** | **95** | **94** | **78** | **63** | **78** |
| moins de 1 an | 24 | 29 | 11 | 12 | 8 |
| 1 à moins de 3 ans | 55 | 54 | 52 | 44 | 51 |
| 3 à moins de 5 ans | 9 | 7 | 7 | 6 | 15 |
| 5 à moins de 10 ans | 7 | 3 | 8 | 1 | 2 |
| 10 ans et plus | 0 | 1 | 0 | 0 | 2 |
| **Total** | **246** | **243** | **227** | **214** | **231** |

| Étiquettes de lignes | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 |
|---|---|---|---|---|---|
| moins de 1000 | 128 | 177 | 140 | 89 | 88 |
| entre 1000 et moins de 5000 | 119 | 81 | 61 | 64 | 107 |
| entre 5000 et moins de 10000 | 5 | 5 | 7 | 3 | 5 |
| 10000 et plus | 3 | 0 | 3 | 0 | 3 |
| **Total** | **255** | **263** | **211** | **156** | **203** |

Aktuel befannen sech 87 Condamnéierter am Centre Pénitentiaire, dovun 69 Persounen am CPL (Centre pénitentiaire Luxembourg) an 18 Persounen am CPG (Centre pénitentiaire Givenich).

D'Zuel vun den Récidivisten si folgend:

1 Persoun mat 10 Affairen.
1 Persoun mat 9 Affairen.
1 Persoun mat 6 Affairen.
3 Persounen mat 5 Affairen.
22 Persounen mat 4 Affairen.
66 Persounen mat 3 Affairen.
251 Persounen mat 2 Affairen.
1731 Persounen mat enger Affaire.